Elise Mansot

David Demange

BIIG VEENEM

Liicht fir d' Kanner

Aus dem Franséischen iwwersat vum Danièle Schroeder



le Soleil dans la Main • ONG

D'Haaptfiguren an dësem Buch si fräi erfonnt, hir Geschicht inspiréiert sech awer u Faiten, déi richteg geschitt sinn, un Temoignagë vu Kanner an Auszich aus Erfarungsberichter vu Mataarbechter a Benevolle vun der ONG-D Le Soleil dans la Main.

D'Dialogen inspiréieren sech un den Temoignagen aus de Videoen, an deenen de Centre Noomdo an déi aner Projeten, déi zënter 20 Joer vun der ONG-D Le Soleil dans la Main ënnerstëtzt ginn, presentéiert ginn.

All Änlechkeet mat liewegen oder verstuewene Persounen ass reng zoufälleg.

JEAN

Mäin Numm ass Jean an ech si Burkiner. Éier ech heihinner komm sinn, war mäi Liewe ganz schwéier. Hei ass meng Geschicht ...

... mee fir d'alleréischt stellen ech iech awer eist Land vir, de Burkina Faso.

De Burkina Faso ass e Land an der Subsahara (ënnert der Sahelzon) mat 21 Milliounen Awunner. An den 1960er-Jore waren et der knapps 5 Milliounen!

Wat eng rasant Entwécklung!

De Numm, Burkina Faso, gouf ënnert der Regierung vum Thomas Sankara ausgewielt. Et ass eng Mëschung aus verschiddene lokale Sproochen a bedeit "d'Land vun den inteegere Mënschen".



An der Haaptstad Ouagadougou liewe ronn 10 % vun der Bevëlkerung.

Et ginn iwwer 69 lokal Sproochen, déi vu 67 ethnesche Gruppe geschwat ginn.* Franséisch bleift awer déi offiziell Sprooch no 1960. Am Joer 1960 gouf dat franséischt Protektorat opgehuewen, dat 1896 tëscht dem Kinnekräich Mossi (a méi genee dem Kinnekräich Wogodogo) a Frankräich arrangéiert gi war.

D'Dekoloniséierung gouf de 5. August 1960 proklaméiert. Staark Verbindunge mat Frankräich sinn awer bestoe bliwwen, wéi z. B. d'Sprooch, d'Wärung (Fcfa), d'Diaspora esouwéi och de wirtschaftlechen, akadeemeschen, kulturellen a militäreschen Austausch.

An enger weltwäiter Dynamik vu Globaliséierung.

* Ethnesch Grupp ass am Burkina Faso eng gebräichlech Bezeechnung fir eng Gemeinschaft mat hiren eegenen Traditiounen, urspréngleche Gebidder, Sproochen, Glawen, Bräich asw.

D'Räichtemer vum Land si Gold, aner rar Mineralien a Kotteng, ee vun de beschten op der Welt! (dee besonnesch an der Kosmetik benotzt gëtt)

An trotzdeem zielt d'Land, wirtschaftlech gesinn, zu deenen äermsten op der Welt!

Wat bedeit, datt net jiddwereen Zougang zu liewensnoutwennege Saachen huet.

Firwat gëtt dann net op der Plaz produzéiert?

Elo schwätzen ech iech vum Klima an eisem Land.

Am Moment ass bei eis dee wäermste Mount vum Joer, et huet zënter 7 Méint net méi gereent.

Fréier huet ee genuch missen ubauen, fir et bis déi nächst Recolte ze packen.

An den Dierfer, déi vun hirer Landwirtschaft liewen, heescht déi Zäit tëscht dem Ubau an der Recolte "Hongersnoutperiod"



Glécklecherweis ass de Burkina haut, wéi vill aner Länner, net nëmme vun deem ofhängeg, wat am Land produzéiert gëtt. E bedreift och Handel a leit doduerch net méi ënnert Hongersnout an huet Zougang zu medezinescher Versuergung.

Dat erkläert och vläicht, firwat d'Bevëlkerung wiisst an d'Leit méi laang liewen?

Mäi Papp huet schwéier op de Felder geschafft, mee duerch d'Dréchent konnt net vill erageholl ginn. Meng Mamm war ëmmer béis op hien, well mir konnten d'Ausgabe fir e Vëlo, fir d'Schoul, d'Schoulmaterial, déi deier Haushaltsgeräter net bezuelen ... Bei eis gëtt villes importéiert an ass ganz deier am Verglach mat eisem schappegen Akommes.

De Januar an de Februar sinn d'Méint, an deenen d'Äerdbier, eng rar a wäertvoll Fruucht, Saison huet. De Mäerz, de Mount vun de Mangoen, ass meng Liblingssaison. Meng Frënn an ech, mir iesse vill Mangoen um Wee fir an d'Schoul. Mangoen siedegen a maachen eis frou.
Mee se erënnere mech och un den Dag, un deem meng Mamm mäi Papp verlooss huet, fir mat engem méi räiche Mann ze liewen.
Deen Dag ass mäi Liewen an d'Bréch gaangen ...

Do hunn ech missen op der Strooss liewen. Meng Mamm konnt fir mech opkommen, mee si huet mech awer verstouss. Hire Mann huet gefaart, datt ech seng eege Famill a Gefor bréngen, wann ech bis grouss sinn.

A meng Groussmamm huet sech erniddregt gefillt, well hier Schnauer hire Jong verlooss huet ...

Den éischten Dag wosst ech net, wouhin ech goe sollt ...

Ech hunn Angscht op der Strooss,

Fir säin lessen ze kafen, muss ee schaffen,
Schrott asammelen ...

Mee et gëtt ëmmer nees Nuecht an
d'Angscht verschwënnt net ...

Et entkënnt
een hir net ...

Si hu mir alles ofgeholl. Ech war ze kleng
an hu gemengt, si wiere meng Frënn.
Deen Dag hunn ech u mäi Papp geduecht,
un déi séiss Mangoen an u mäi Liewe vu fréier.
Ech wollt net méi op der Strooss liewen ...

Enges Nuets hu si sech erugeschlach, mee virun hinnen hat ech keng Angscht. Eng Fra huet sech ëm mäi Fouss gekëmmert. An ech hunn e klengen Hoffnungsschimmer gesinn!

Gudden Owend, fäert net! Mir wëllen Dir näischt Béises. Erziel eis deng Geschicht.

Wann s du wëlls, kanns du mat eis matkommen. Mir kënnen dir hëllefen.

Du wäerts iesse kënnen, dech wäschen, deng Wäsch maachen an a Sécherheet spillen.

Hei kann ech am Dagesfoyer nees wärend e puer Stonnen e Kand sinn ...

Oula! Jean, wëlls du mat mir spillen?

Zu zwee kënne mir gewannen!

Gol! 5 - 0

Nee, ech maache meng Wäsch an da ginn ech fort.

Am Centre zwéngt keen dech fir ze bleiwen. Du kanns zu all Moment zeréck op d'Strooss goen, wann s de dat wëlls.

Du kanns natierlech goen, mee du bass hei ëmmer wëllkomm.

A Jean, bass de prett?

Mir këmmeren eis ëm dech. A lass geet et, an en neit Liewen!

Ech wollt net méi op der Strooss schlofen, Angscht hunn, mech eleng fillen an hongreg sinn. Dofir hunn ech op mäin Häerz gelauschtert a sinn an den Zenter fir Kanner a Gefor wunne gaangen.

Elo liewen ech zënter 4 Méint am Zenter fir vulnerabel Kanner. Ech fille mech wuel hei. Ech ginn an d'Schoul a léieren do liesen, schreiwen a rechnen.

Am Kannerzenter këmmere sech d'Erzéiungsmamme gutt ëm eis.

Et ginn 3 Molzechten den Dag, an et léiert een hei, richteg ze liewen! Et geet een an déi klassesch Schoul oder an d'Beruffsschoul. Hei si se frou mat eis!

Mäi Mathésproff, den Här Souleymane, trainéiert eis och am Fussball.
De Pierre an den Amadou si meng Frënn. Den Amadou huet keng Eltere méi, hien ass e Weesekand. De Pierre huet doheem vill Gewalt erlieft, well säi Papp Alkoholiker war.
Den Zenter ass wéi eng Famill fir eis alleguer!



Dank der Schoul gesinn ech, datt dësen Dram an Erfëllung goe kann!

Ech hunn elo en Dram: Mathésproff a Fussballspiller ginn, wéi Dir Här Souleymane!

Muer besichen de Psycholog an ee Coordinateur mäi Papp a se wäerte sech mat him ënnerhalen. Enges Daags wäert ech zeréck bei hie wunne goen.

De Pappa huet Jo gesot. En huet déi Hëllef ugeholl, fir mech a sengem Haus opzehuelen.

D'Mamma awer net.
Ech wäert si ni méi gesinn.

Mam Verkaf vum Hämmelfleesch huet mäi Papp Sue verdéngt, an ech kann esou nees bei him doheem wunnen. Ausserdeem ginn ech weider an d'Schoul a spille Fussball mat menge Frënn.
Mam Schoulförderprogramm vun de Lëtzebuerger kann ech gratis an d'Schoul goen, ech kréien e Vëlo an d'Schoulmaterial fir dat ganzt Joer!




Gudde Moien, Kanner!
Mäin Numm ass Awa, ech si 25 Joer al. Ech sinn Ingenieurin an ech hu mat um Bau vun Ärer neier Schoul geschafft.
Haut kommen ech an den CE2 ech hunn elo 10 Joer.
D'Awa weist eis déi nei Schoul, déi just nieft mengem Papp sengem Doheem ass.
Mir hu vill nogeduecht, fir datt dir et esou confortabel wéi méiglech hutt!
AWA
WAHOU !!!
D'Baumaterialie sinn ekologesch an nohalteg, fir datt Är Schoul géint dat schlecht Wieder gewappnet ass an och am Laf vun der Zäit net allze vill Ënnerhalt brauch.
NOHALTEG BAUEN
Mäi Papp fabrizéiert Zillen aus Leem. Heiansdo kucken ech him dobäi no!
D'Mauere bestinn aus Buedem aus dem Burkina Faso, en natierlecht Material, dat et am Iwwerfloss gëtt.
Et brauch ee nëmme wéineg Energie fir se ze verbauen..
Recycling
Ofbau
Recuperatioun
De Kreeslaf vum Réimaterial
Benotzen
Preparatioun
Bau
D'Zillen, déi dem Kalafoua säi Papp hierstellt, fänken déi kill Temperaturen nuets an a gi se dann daagsiwwer nees an der Schoul of.



* 't ass immens gutt!
** Ech hu léiwer Mangoen!

Als Kand hunn ech an engem klengen Duerf gelieft. Fir an d'Schoul ze goen, hunn ech iwwer 1 Stonn missen zu Fouss goen.

Ech hunn awer ëmmer gär geléiert an ech wollt onbedéngt en Dram verwierklechen ...

... och ech wollt mer Schoulen ausdenken a se da bauen.

Meng Elteren hunn de Buedem bewirtschaft.

Mee si goufen enteegent.

Ouni Land konnte meng Elteren näischt méi ubauen, si hu missen en anere Beruff léieren.

An um Land vu mengen Eltere gouf eng Stad gebaut..

Sou wäit si mer awer nach net, 2023 haten nach net all d'Kanner Zougang zu der Schoul am Burkina Faso! Dofir bleift déi international Hëllef esou liewenswichteg, fir datt jiddwereen an der Gesellschaft vu muer eng bewosst Roll spille kann.



An du, Kalafoua, wat wëlls du spéider maachen?
Hm, ech weess et nach net
Ech wéilt gär an enger Schoul wéi där heiter schaffen!
An zu Lëtzebuerg, wéi sinn d'Schoulen do?
Zu Lëtzebuerg ginn d'Schoulen net aus Leem gebaut, wéi hei. Dacks si se aus Bëton, dat kascht vill Energie an ass net nohalteg. A well et do kal ass, gi se gutt isoléiert, fir datt d'Keelt net erakënnt.
Kräid an Tafelen, géint Tabletten an digital Tafelen? Wann all Mënsch der hätt, wieren eis Ressourcë séier verbraucht. Nohalteg Entwécklung, dat betrëfft och Konsumgéigestänn, net nëmmen d'Gebaier!
Zu Lëtzebuerg si 15 Schüler am Klassesall, am Burkina Faso sinn et der iwwer 60. An awer huet all Klass hir eege Suergen.
An Europa ass et d'Disziplin, trotz der klenger Schülerzuel, am Burkina Faso ass et den Zougang zum Wëssen an déi individuell Begleedung, déi feelen.
Ass d'Keelt do esou wéi bei eis?
Nee, kal heescht bei eis 14 Grad, zu Lëtzebuerg kann et scho mol minus 10 Grad sinn!
Awa, wéi ass dat, wann ee buerféiss duerch de Schnéi geet?
Pickt de Schnéi?
DOONG DOONG
Sou Kanner, lo wësst Dir alles iwwer eis nei bioklimatesch Schoul!
Merci !!! Awa...
A Jean, prett fir Schoul ze halen an der nächster bioklimatescher Schoul?
O jo,! Merci Awa!


Baba! Baba! Haut war d'Awa bei eis, hatt huet gehollef, eis nei Schoul ze bauen! Hatt ass super!
Koff koff!
Koff koff! D'Schoul?!
Nee, d'Awa, bon am Fong déi zwee!
Zesumme mat menge Frënn baue mir Schoulen, wa mir grouss sinn!
OK. An der Tëschenzäit brauch ech dech awer nach, mäi Jong!
Fir d'Schof ze fidderen?
Nee, fir eppes nozesichen! Kanns du schreiwen:
Schof akafen Burkina Faso
Mat eisem Erspuerte géif ech gär nach e puer Schof kafen.
Da kanns du studéieren, fir Proff ze ginn!
Ech hunn et fonnt: Guide fir d'Schofszuucht an der Subsahara! Do! Eng Schofsfoire zu Ouaga, hei sinn d'Datumer an d'Präisser!
An hei: Gewannt 100 gratis Schof!
Séier, si soen et soll een uruffen!
Alles mat der Rou, mäi Jong. Um Internet zirkuléiere vill falsch Informatiounen an Arnaqueen! Fakenews, wéi se soen!
Also opgepasst mam Internet!
O! An dësem Netzwierk fënnt ee souguer Ochsen an Dauwen!
Fir unzefänken, këmmere mer eis emol ëm eis Schof!
Fir datt se schéin a staark si fir d'Foire zu Ouaga!
Merci Baba! et stëmmt, dat bréngt een zum Dreemen! An dat maache mir gär!
Vun engem besserem Liewen iwwert de Bildschierm....
Jo jo, dat gleewen ech! Mee am Internet muss du e bësse méi virsiichteg sinn!
Ehh!!!!
CRUNCH CRUNCH
O, merci Baba!
Bêêêê
... wou mir zesummen higinn!

Haut sinn ech immens frou, ech fille mech wuel, ech si glécklech, d'Awa kennegeléiert ze hunn an zesumme mat menge Frënn Amadou, Fatou, Pierre a Kalafoua an dëser Schoul ze sinn.

Ech sinn och frou, datt mäi Papp a nees voller Courage a Freed an d'Liewe kuckt!
Ech hoffen, datt och aner Kanner dat erliewe kënnen.

Iwwer d'Auteuren ...

Iwwer d'ONG

D'ONG Le Soleil dans la Main huet als Visioun, datt all Mënsch d'Méiglechkeet kritt, e würdevollt Liewen am Aklang mat senger Ëmwelt ze féieren. D'ONG huet sech als Missioun ginn, déi néideg Ressourcen ze mobiliséieren, fir d'Gesellschaft an d'Eenzelpersounen an hirer gemeinschaftlecher Entwécklung, beim Schutz vun de Kanner a beim gläichberechtegten Zougang zu der Bildung ze begleeden. Fir hir Aktiounen duerchzeféieren, bréngt d'ONG Benevoller, Salariéen, Institutiounen an Zilbevëlkerungen zesummen.
Well den Zougang zu der Bildung de Grondstee fir déi nohalteg Entwécklung vun enger Gesellschaft ass, ass et fir d'ONG immens wichteg, Kanner, Jugendlecher genee ewéi hir Elteren an déi breet Ëffentlechkeet dofir ze sensibiliséieren, wéi wichteg et ass, dëst universaalt Recht ze erhalen an ze stäerken, fir datt jiddwereen e bewossten a fräien Acteur ka ginn.
D'Strategie vun der ONG an de Beräicher Entwécklungserzéiung an Erzéiung zu der Weltbiergerschaft vun de Vereenten Natioune besteet doranner, d'Lëtzebuerger Bevëlkerung an de Beräicher Bildung, Schutz vun de Kanner a gemeinschaftlech Entwécklung fir d'Situatioun vun der burkinescher Bevëlkerung ze sensibiliséieren. D'Approche vun der ONG ass drop ausgeriicht, e Bewosstsi fir déi besteeënd Ongläichheeten an enger globaliséierter Welt ze schafen an et ze verbesseren. Ultimatiivt Zil ass et, d'Solidaritéit tëscht de Länner an de Bevëlkerungen ze stäerken, an esou zum noutwennege Resilienzprozess bäizedroen, fir de Mënschen nees hir Würd an hirem Ëmfeld an an hirem Liewenskader zeréckzeginn.
Dës BD gouf 2023 am Kader vum Projet "Sensibiliséierungswoch fir e gerechten Zougang zu Bildung am Burkina Faso" editéiert.
D'Iwwersetzung op Lëtzebuergesch gouf 2024 erméiglecht am Kader vum Sensibiliséierungsprojet "Firwat d'Sahelvëlker begleeden ? - D'Wichtegkeet vum Kannerschutz a vum Zougang zu enger gudder Educatioun.

Remerciementen:
Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

SËTZ ZU LËTZEBUERG
48, Duerfstrooss, L-9696 Winseler
T: (+352) 621 56 12 61

National Vertriedung am Burkina Faso
05 BP 6148 - 10010 Ouagadougou
T: (+226) 25 38 15 14

E-Mail: contact@asdm.lu
Internetsite: www.soleil.lu

Kontosnummeren:
CCPL: LU43 1111 2051 2264 0000
BCEE: LU74 0019 1955 6943 7000



Hei ass de QR-Code, fir d'BD erofzelueden

le Soleil dans la Main • ONG